



Dépôt: CLEMENT Sven

Nohaltegkeet a wirtschaftlech Entwécklung
Interpellat° n° 3075

Lëtzebuerg, , den 22/03/2023

13

Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- dass d'Regierung sech mam Koalitiounsaccord vun 2018 d'Zil gesat huet, eng Politik ze maachen, déi "à la pointe des défis écologiques" soll sinn an en "développement économique dynamique et durable" promouvéiere soll.
- dass vis-a-vis vun enger ganzer Rei grouse Wirtschaftsprojeten zu Lëtzebuerg an de vergaangene Méint a Jore kritesch Stëmme Bedenken iwwert de Ressourcéverbrauch an d'Nohaltegkeet geäussert hunn.
- dass d'Wirtschaftspolitik sech zu Lëtzebuerg méi ob eng nohalteg Economie a manner ob industrielle Wuesstem konzentréiere muss, wann de wirtschaftlechen Erfolleg vun haut net d'Klima- an Ëmweltschied vu muer solle sinn.
- dass et fir Entrepreneuren an Investisseure wichteg ass, duerch kloer Krittären eng méiglechst héich Planungssécherheet gebueden ze kréien.
- dass et an enger Demokratie wichteg ass d'Zivilgesellschaft frei iwwert grouss nei Wirtschaftsprojeten ze informéieren.

Aus dese Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. e kloren an ambitéisen Krittärkatalog opzestelle mat Grenzwäerter fir de Verbrauch vu Waasser, Strom a fossille Brennstoffe.
2. festzeleeën, dass all Entreprise, déi sech zu Lëtzebuerg niddersetze wëll, beim Ministère eng öffentlech zougänglech Nohaltegkeetscharta areeche muss, aus der ervir geet, wéi déi staatlech Grenzwäerter a gehale kenne ginn a wéi d'Firma envisagéiert, hier wirtschaftlech Aktivitéit nohalteg ze gestalten.

S. CLEMENT



www.piraten.lu